PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An den Äntwerten op meng parlamentaresch Froen n°347 an 1915 krut ech Informatiounen iwwert de Fuerpark beim Staat an d'Autoe vun der Regierung.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi héich waren d'Ausgabe fir de Fuerpark vun den eenzele Ministèren am Joer 2020?

2. Wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoe mat Verbrennungsmotor goufen 2020 fir de Fuerpark vum ëffentlechen Déngscht kaf?

3. Wéi vill Autoe mat engem Verbrennungsmotor, wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoe mat Hybriduntrieb befannen sech, **opgeschlësselt no Ministère,** aktuell am Fuerpark vum Staat? Wéi huet sech de Prozentsaz vun dësen Typpen am Verglach zum Total an de leschte 5 Joer entwéckelt?

4. Opgeléscht no Ministère, wéi vill Joren sinn d'Gefierer, déi de Staat akeeft, am Duerchschnëtt am Gebrauch, iert se verkaf oder verschrott ginn? Wéi vill Autoen sinn an de leschte 5 Joer, opgeléscht no Ministère, verschrott ginn?

5. Wéi vill Autoen befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?

6. 2018 louch d'Moyenne vum CO2-Ausstouss vum Fuerpark vun de Regierungsmembere bei 119,35g CO2/km an 2019 loung se bei 106,37g CO2/km.
   Fir d'Joer 2020,
   1. wéi vill Emissioune CO2 stéisst de Fuerpark vun de Regierungsmemberen aus? (opgeléscht no der NEFZ– an der WLTP–Ausstoussnorm)
   2. wéi vill Liter/100km verbraucht de Fuerpark (Duerchschnëtt+Median)?
   3. wéi vill PS huet de Fuerpark vun der Regierung (Duerchschnëtt+Median)?

7. Op meng Fro n°1915 hat de Minister geäntwert:

   Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N°347 vum 12.

Februar 2019 geschriwwe, solle prioritär Hybride a Plug-in Hybride kaf ginn, esou dat dei duerchschnettlech CO2-Emissioune weider fale wäerten. Et gett och gepreift fir an noer Zukunft 100% Elektroautoen ze kafen.

Wéi vill Elektroautoen befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député